CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
27 SEP. 2016
2423

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. September 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Laut mengen Informatiounen muss d'Police dacks a Flüchtlingsheemer intervenéieren. Dës Asätz gi seelen an dem Bulletin vun der Police ernimmt.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1) *Wéivill Asätz huet d'Police, zanter dem Juli 2015, an de verschiddene Flüchtlingsheemer duerchgefouert?*
2) *Wéi eng Heemer si betraff, a wat sinn déi heefegst Ursaachen déi eng Interventioun vun der Police néideg maachen?*
3) *Hunn, no esou Asätz, Affer miss betreit ginn?*
4) *Sinn, no esou Asätz, Täter der Justiz iwwermëttelt ginn?*
5) *Firwat ginn d'Asätz a Flüchtlingsheemer net am Bulletin vun der Police ernimmt?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
Aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 OCT. 2016

Luxembourg, le

Objet : Question parlementaire n° 2423 du 27 septembre 2016 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

La Secrétaire d'Etat à la Sécurité intérieure

Francine CLOSENER

Adresse bureaux
19-21, bvd Royal
L-2449 Luxembourg

Adresse postale
B.P 219
L-2012 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

secretariat@msi.etat.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Etienne SCHNEIDER à la question parlementaire n° 2423 du 27 septembre 2016 de l'honorable député Fernand Kartheiser.

D'Polizei féiert keng Statistiken iwwert Interventiounen an Accueil-Strukturen fir Demandeuren vun internationaler Protektioun. Deemno en stamen déi Zuelen déi hei uginn sinn enger manueller Recherche an sinn éischter als Indicativ ze betruechten.

Et ass och esou datt d 'Resultat vun dëser manueller Recherche ofhänkt wat de Polizist als Ursaach ugëtt vun senger Interventioun. An verschidden Fäll gëtt vun "Hilfeleistung" geschwat, wat kennen Fäll sinn wou en Sécherheetsbeamten vum Foyer verbal oder physesch aggresséiert ginn ass oder et zu Ausernanersetzungen zwëschen Leit aus der Struktur komm ass oder en Résident aus der Struktur d'Interventioun vun der Polizei freet.

No deeër manueller Recherche an ënnert den virerwaehnten Réserven hätt d 'Polizei, zwëschent dem 1. Juli 2015 an dem 30. September 2016, 358 Interventiounen an Accueil-Strukturen fir Demandeuren vun internationaler Protektioun gemaach. Des Interventiounen waren an 28 Strukturen, woubäi di heefechst zu Gaasperech, zu Stroossen, um Lampertsbierg an der Luxexpo waren. An villen Strukturen sinn awer nëmmen tëschent enger an fënnef Interventiounen gezielt ginn.

An deenen meeschten Fäll ass als Ursaach vir d'Interventioun "Streitigkeiten", respektiv "Hilfeleistung", ugi ginn.

Am Fall wou Affer hu mussen betreit ginn, kruten se déi néideg Betreiung, wéi dat bei all aner Affer de Fal ass.

Fir all Strofdoot déi constatéiert gouf ass ee Procès-verbal un de Parquet geschéckt ginn. De Suivi vun der judiciaire Prozedur opläit den judiciairen Autoritéiten.

Um Niveau vun der Kommunikatioun ginn d 'Interventiounen vun der Police an den Accueil-Strukturen fir Demandeuren vun internationaler Protectioun d'selwecht behandelt wéi aner Interventiounen an Wunnengen oder privat Raimlechkeeten an déi net am ëffentlechen Raum geschéien. Dës Kommunikatiounen ginn ënnert dem Virbehalt vum Respekt vum Privatliewen an vun der présomption d'innocence gemaach.